

Communiqué vun der Bréifdréieschgewerkschaft

Bréifdréierinnen a Bréifdréier wéinst presuméierter Diskriminéierung de 27.10 um Verwaltungsgeriicht !

Am Joer 2024 hunn iwwer 300 Bréifdréierinnen a Bréifdréier, duerch hire gemeinsamen Affekot Marc Kohnen, zwee Recourse beim Verwaltungsgeriicht agereecht. Dës Recourse baséieren op der juristescher Argumentatioun, datt d'Bréifdréierinnen an d'Bréifdréier am ëffentleche Statut, sech am Verglach mat anere Carrière, wou dräi Joer obligatoresche Militärdéngscht eng Obligatioun war, sech ongerecht behandelt an diskriminéiert spieren.

Déi historesch Entwécklung vun de Carrièren

D'Problematik geet op d'Rekrutierungskrittären aus den 80/90er Joren zeréck. Deemools war fir verschidde Carrièren am Staatsdéngscht en obligatoresche Militärdéngscht vun dräi Joer virgesinn. Dat huet ënner anerem fir déi fréier Police- a Gendarmeriebeamten, d'Douaniéien, d'Ënneroffizéier, d'Fierschter, d'Agents pénitentiaries an d'Bréifdréier gezielt. Fir bei der Police/Gendarmerie, bei der Douane, als Ënneroffizéier oder als Fierschter agestellt ze ginn, war deemools eng 9ème Filière 1, souwéi d'Prestatioun vun engem dräijäregem Militärdéngscht erfuerderlech. Dës Fonctionnairë goufen deemools, no gepackten Examen, an de Groupe de Traitement D1 agestuft, dee bekanntlech nom Vote vum Harmonisatiounsgesetz am Parlament, der haiteger Carrière C1 entsprécht. Bei den Agents pénitentiaries, ewéi bei de Bréifdréier war dogéint keng 9ème Filière 1 als Voraussetzung verlaangt. Dës zwou Carrièrë goufen deemools an de Groupe de Traitement D2, deen der haiteger Carrière C2 entsprécht, agestuft. Deemno waren d'Zougangsbedéngungen zu dëse béide Carrièren defacto identesch. D'Carrière vun den Agents pénitentiaries ass virun e puer Joer mat Recht an de Groupe de Traitement D1, an déi haiteg C1 Carrière, opgewäert ginn. Fir d'Bréifdréier ass eng entspreichend Upassung bis haut leider ausbliwwen.

Eng Carrière-Astufung, déi Froen opwerft

Dës Carrièresentwécklung werft eng fundamental Fro op : Firwat gouf den Agents pénitentiaries den Opstig an eng méi héich Carrière zougestanen, während d'Bréifdréier, trotz identeschem Ausgangsniveau, weider an der Carrière C2 bleiwen? Zousätzlech kritt déi ganz Argumentatioun am Liicht vum rezent vum Parlament gestëmmt Harmoniséierungsgesetz nach méi Gewiicht. Dëst Gesetz gesäit vir, datt fir eng Astufung an d'Carrière C1, eng fënnef gepackte Joer am Secondaire musse virleien. Indirekt bedeit dat dann, dass den obligatoresche Militärdéngscht vun dräi Joer bei den am C1 agestuufte Carrièren an der Carrièresklassifikatioun indirekt berücksichtegt gouf. Aus der Siicht vun de betraffene Bréifdréier an hirem Affekot stellt sech dofir d'Fro, ob dës Ëmstänn, mat Bléck op d' Carrière vun de Bréifdréier, op eng gerecht a net diskriminatoresch Aart a Weis berücksichtegt goufe.

Keng reell Carrièresperspektive fir d'Bréifdréier

Während déi fréier Gendaarmen a Polizisten, d'Douaniéien, d'Ënneroffizéier, d'Fierschter an d'Agents pénitentiaries an déi méi héich Carrière D1/C1 agestuft sinn, ass eleng de Bréifdréier dës Perspektiv bis haut verweigert bliwwen. Dobäi kënnt, dass d'Bréifdréier an hirer aktueller Carrière nëmme ganz limitéiert Méiglechkeeten hunn, sech berufflech weiderzuentwéckelen. Dës Situatioun stellt net nëmme eng Fro vun der Gläichbehandlung duer, mee och vun der Unerkennung vun hirer wichteger Aarbecht fir d'Allgemengheet an hirer net ze ënnerschätzender berufflecher Leeschtung.

D'Fuerderung no Gläichbehandlung

Fir déi concernéiert Bréifdréierinnen a Bréifdréier an hiren Affekot de Marc Kohnen ass d'Ënnerscheedung tëscht dëse Carrièren net novollzéibar a werft Froen am Hibleck op de Grondsaz vun der Gläichbehandlung op. Déi agereecht Recourse sollen dofir eng juristesche Klärung vun dëser Situatioun erméiglechen. D'Bréifdréier fuerderen eng gerecht Bewäertung an Astufung vun hirer Carrière, an eng Gläichbehandlung am Verglach mat deene Berufsgruppen, deenen hir Carrière an der Vergaangenheet opgewäert gouf, a souguer vun der Méiglechkeet



Lëtzebuerg, de 26 Oktober 2026

konnte profiteiere fir bis an de Groupe de Traitement B1 opzesteigen. Et ass elo un der zoustänneger Justiz, d'Fuerderungen an d'Argumenter am Kader vun de agerechte Recoursen ee fir allemol ze préiwen an ze beurteelen.

De Verwaltungsrot vun der Bréifdréieschgewerkschaft